PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

D'ASBL "Eng Zukunft fir Lëtzebuerg" setzt sech zënter Jore fir eng besser Integratioun vu Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg an, notamment, well d'Personal an d'Fräiwëlleger vun der ASBL den arabophonesche Persounen a Familljen hei am Land bei hiren Demarchen hëllefen. Fir dëse Service kënne ronderëm d'Auer ze garantéieren, gouf d'ASBL wärend 4 Joer vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte finanzéiert. Am Dezember huet d'ASBL matgedeelt, dass dëse Finanzement op een Enn kënnt. Et ass net gewosst, ob de Staat oder eng aner Organisatioun d'Servicer, déi d'ASBL ugebueden huet, wäert iwwerhuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass vu Säite vun der Regierung virgesinn, d'Servicer, déi d'ASBL "Eng Zukunft zu Lëtzebuerg" ugebueden huet, weiderhin unzebidden?
    - Falls jo, wéi eng Organisatioun oder wéi ee staatleche Service wäert der arabophonescher Communautéit zur Säit stoen an ass de Minister der Meenung, dass d'Prestatioune gläichwäerteg erhale wäerte bleiwen, wéi ënnert der Leedung vun der ASBL?
    - Falls jo, wéi wäert de Minister dat garantéieren a wéi vill Sue wäerten hei investéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten